

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. Mäerz 2020

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Familljeminister weiderzeleeden.

An der leschter Zäit sinn ech e puer mol vu Leit ugeschwat ginn, déi Affer vum Tornado an de Gemenge Käerjeng a Péiteng waren. Wann och vill Leit sech mat der Hëllef, déi si kruten, zefridden an dankbar gewisen hunn, ginn et awer ëmmer nach Leit, bei deenen d'Schied bis elo net reparéiert goufen. Heiansdo erkläre sech Versécherungsgesellschaft fir net zoustänneg oder verweisen einfach op eng staatlech oder kommunal Hëllef. Verschidde Versécherunge schécken zwar en Expert, dëst dacks eréischt no laangen Delaien, a melle sech duerno awer anscheinend net méi. Verschidde betraffe Leit fille sech an esou enger Situatioun iwwerfuert an am Stach gelooss.

Dowéinst wéilt ech der Madame Familljeminister gär folgend Froe stellen:

1. Wéi vill Fäll kennt d'Regierung, an deenen d'Tornadoschied nach net reparéiert goufen? Wat ass do virgesinn an a wéi engen Delaien?
2. Wat kënnen déi betraffe Leit, bei deenen de Schued nach net reparéiert gouf, maachen? U wie kënnen si sech an dëser Phas adresséieren, fir Hëllef ze kréien?
3. Gëtt et en Dialog tëschent der Regierung an de Versécherungsgesellschaften, fir nach onkloer oder ëmstridde Situatiounen ze klären?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten